piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22/10/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Tourismus & Famill, Solidaritéit an Integratioun weiderzeleeden.**

Duerch d'Accessibilitéitsgesetz vum 7te Januar 2022 gouf festgehalen, dass Gebaier an ëffentlech Infrastrukture musse fir Rollstullfuerer a Leit mat anere Beanträchtegungen zougänglech sinn. Och Hoteller falen hei drënner a kloer, och de Flughafen. Wou d'Gesetz allerdéngs näischt virgesäit, ass bei de Fligeren. Bei ville Fligermodeller sinn zum Beispill d'Toiletten net fir Rollstullfuerer accessibel.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Mussen d'Fliigeren vun den Airlines, déi zu Lëtzebuerg zirkuléieren, de Krittären vun der Accessibilitéit (« conception pour tous ») entspriechen?
2. Gëllt dës och fir d'Toiletten an de Fliigeren?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés